Fënnef Memberen vum Flyfishing Club Lëtzebuerg, den Hoffmann Jemp, den Ehr Jang, den Riehl Patrick, den Gilson Mich an den Dilk Luss, woren vum 12.Abrëll bis den 15.Abrëll 2011, 8 Stonnen Richtung Auvergne gefour fir um Lac de Malaguet mat der Méck ze fëschen. Dësen Séi läit an der Haute - Loire op 1050 meter Héicht, ongeféier 50 km hannert St. Etienne. Den Lac de Malaguet ass am 14. ten Jorhonnert ungeluecht gin an bis Mëtt vum leschten Jorhonnert als Pisciculture exploitéiert gin. Duerno ass joërenlaang op dësem Séi op Wäissfësch gefëscht gin an zanter 6 Joër gët hei integral mat der Méck gefëscht. Den Séi huet éng duurchschnëttlech Déift vun 3 meter an ass op der déifster Plaz 5 meter déif. Den Haaptfësch ass d´Reebouforell, dodernieft kann een hei awer och Bachforellen, Bachsaiblingen an gelen Forellen fänken. Wéinst sénger Vergaangenheet huet dësen Séi och een gudden Bestand un Routfiederen an zeguer Zanderen kann een mat ee bëssen Chance mat der Méck fänken. Mir haten d´Chance bei eisem Openthalt 3 Zanderen teschent 30 an 40 cm ze fänken, et sin natiirlech och richtég Décker hei ze fänken.

Ënnerbruecht woren mir an énger Gîte déi direckt um Séi luung. Dës wor beschtens équipéiert an huet eisen Unsprech total entsprach. Niewend dräi Schloofzëmmeren, éng komplett équipéiert Kichen, Dusch, Buedzëmmer, separater Toilette gouf et och een Jesszëmmer mat Openthaltsraum , heivunner hun mir Owes ëmmer profitéiert andeems mir dësen zum Bannzëmmer ëmfonktionéiert hun.



Natirlech hun mir och selwer fir eist Jessen an Gedrenks gesuergt, esou konnten mir eisen Dag genee esou gestalten ewei mir et wollten an woren net forcéiert zu énger bestëmmten Zäit missen Jessen ze goën. Mée Dat heescht awer net dass et eis un iergend Eppes gefeelt hät ewell wann een d'Memberen vum Flyfishing Club Lëtzebuerg kënnt wees een dass Dës bestëmmt Nie erhéngeren oder erdiichteren.

Gefëscht gët um Lac den Malaguet haaptsächlech aus dem Boot eraus. d'Booter sin alleguer mat Elektromotoren équipéiert wat d'Fortbewegen um Séi enorm erlichtert. Et ass Een sech virkomm ewei an Irland an genee esou hat et den Guido Vink och an séngem Artikel beschriwwen deen eis iwwerhaapt op d'Iddi bruecht hat et eemol op déier Plaz ze versichen an zeguer d'Waasser hat genee ewei an Irland d'Farw vun Whisky. Mir haten et ganz gudd mam Wieder erwescht an awer hun mir ze spirren kritt ewei rauh d'Klima an dësen Regiounen ass, mée och Dat huet säin Charme.

D'Fësch an dësem Séi hun éng enorm Kampfkraaft an all Fësch huet eis esou gefoudert dass mir och zimlech séier mindestens 20 honderstel Virfächer gefëscht hun ewell anneschters woren dës Mini Tarpon'en net ze bändegen. Mir konnten Alleguer schon op esou munnesch Sortien zeréck kucken mée esou staark Fësch haten mir nach Nie begéint. Déi meeschten Fësch hun mir mat déif gefouerten Streamer gefaangen mée wann et Owes rouëg gin ass konnt een ganz vill Gobagen um Séi gesin an deen Ament ass dann déi Drechenméck zum Ansatz komm. Et wor natiirlech net einfach wann esouvill Mécken um Waasser luungen déi richtég Méck ze fannen mée mat Ausdauer an Fléiss hun mir awer deen Een oder anneren Fësch mat der drechener Méck gefaangen. D'Mécken déi mir probéiert hun woren haaptsächlen kléng gro Eintagsfliegen mée och d'Chipmunks oder d'Réihoërsedge huet Erfolleg bruecht.Et kann een och Allgemeng bemierken dass den éischten Dag d'Fësch bedenkenlos eis Mécken geholl hun awer mat der Zäit sin Dës ëmmer méi virsichteg gin an hun eis oft un der Nues ronderem gefouert.



Ofschléissend méngen ech nach dass eis dës Sortie mat Sécherheet an gudder Erënnerung bleiwt, mir haten déi dräi Deg éng super Ambiance, d'Fësch woren och um Rendez – vous, Speck hun mir och Alleguer ungeluecht an un Flessegkeet huet et eisen Kierperen och net gefeelt. Besonnesch erënneren wäerten mir eis awer un déi kampfstaark Fësch déi eis Alles ofverlaangt hun. Elo freën mir eis schon op eis nächst Sortie déi eis am Oktober an Éisterräich féiert ewou mir op Âschen fëschen gin. Mir hun dofir an der Pensioun vum Milan Wutte fir fënnef Deg reservéiert an hun hei d'Méiglechkeet esouwuel an Kärnten (Vellach, kleine Drau) ewei och an Slowenien (Savinja, Sava) ze fëchen. Den Milan Wutte ass selwer een ganz bekannten Méckenfësche an mat sénger Hëllef erhoffen mir eis d'Äsch vum Liewen ze fänken.